CAD CONNECT

NEWSLETTER 2010-2



VIRWUERT

Léiw Athletinnen,
Léiw Athleten,

E Joër get op en Enn, e Joër mat Héichten an Déiften - sou musse mer nom Doud vum Marcel Chiarandini am Mäerz mam Erny Greis nach en zweete Verloscht am Komité bekloen.

Gudd sportlech Resultater gouf et ennert anerem erem vum Noémie - 2 National Rekorder - an eis Dammen kommen op déi 2. Plaatz an der Coupe des Dames. Bei deene méi jonken konnt de Sam Birchem iwwerzeegen - a gewënnt de Challenge Tageblatt dobaussen an dobannen!

Mäer wënschen all eisen Athleten a Memberen e gudde Rutsch an dat neit Joër, an op eng gudd Saison 2011!

EISE SUPPORTERKLUB

Nodeems mer an der éischter Ausgab vun dësem Newsletter den CAD Komité an seng Fonktiounen virgestallt haten, ass elo e weidert wichteg Element un der Reih aus dem Veräinsliewen, eisen Supporterklub.

Hei e puer vun sengen Aufgaben:

- Organisatioun vun der Buvette bei de Meetingen
- Ennerstëtzung vum CAD a vun den Athleten
- Organisatioun vun der CAD Generalversammlung
- Organisatioun vun der Fête de clôture Débutants/Scolaires
- Matthëllef bei der Organisatioun vun allen Evenementer ausserhalb vum Terrain, mä innerhalb vum Veräin
- Organisatioun vu Verkafsstänn wéi Grillen beim Hela, Cactus oder bei der Halloween Night
- Entretien vum CAD Bus

Den CAD-Supporterklub 2010

Presidentin:
Liette Wandrey

Caissière:
Marie-France Saeul

Sekretär:
Jean Lorang

Member:
Martine Birchem

Member:
Gaby Gros

Member:
Margot Wester

Member:
Jean-Claude Wallenborn

Member:
Pit Gianni

Member:
Christian Jadin

MEETING INTERNATIONAL

De 5. September hate mer eisen Eröffnungsmeeting vum neien Kennedy-Stadion.

Et war en immensen Succès bei de Leit an an der Presse, mat flotte Leeschtungen. Dëse Meeting wäert mat Sëcherheet nach laang an der Erënnerung bleiwen.

AEDDI ERNY

Mat Schrecken hu mäer d'Nooriicht krut, datt den Erny Greis en Dënsdeg, den 14. Dezember, am Alter vun 72 Joër eis plötzlech fir ëmmer verlooss huet.

Den Erny war säit ville Joren am CAD aktiv: als Athlet, als Träner, als Offiziellen säit 1968, an och am CAD Komité. Mäer drécken senger Fra, sengem Fils an der ganzer Famill eis déifsten Mattgefill aus.

ZIELER FIR 2011

Fir déi nei Saison huet de Komité sech a fir de Veräin folgend Zieler gesat:

- Sportlech: 1. oder 2. Plaatz bei der Coupe des Dames, an erem op de Podium bei der Coupe des Jeunes a bei der Coupe du Prince
- Opbesseren vun der Kees vum CAD
- Weider Verstäerkung vum Komité
- Verstäerkung vun der Träner-Equipe
- Schaafung vun enger neier Organisatioun, dem Haard-Trail am Oktober
- Revalorisatioun vun dem traditionellen Tour de Dudelange
- Präsenz bei der Fête de la Musique
- Verbesserung vun der Kommunikatioun tëscht Athleten a Komité, besser Matabezéiung vun den Athleten an d'Veräinsliewen

OUSCHTER-STAGE

An der Ouschter-Vakanz ass et erem esou wäit: mäer gi matt eisen Athleten op Viareggio an d'Toscana. Méi Infoen gëtt et demnäechst um Träning!

TRÄNINGER VUM CAD
SAISON 2010/2011

Kategorie / Alter	Horaire	Deng Träner
Licences Ludiques a Benjamin(e)s (6 - 8 Joër) Stade J.F. Kennedy Turnsall "Centrum" oder "Brill"	Dënsdes an Donneschdes 15h- 16h	**Gaby Gasperini** (Tel 517085) **Josette Thiry** (Tel 521443)
Débutant(e)s a Scolaires (9 - 12 Joër) Treffpunkt: Stade J.F. Kennedy oder Turnsall "Brill"	Dënsdes an Donneschdes 17h- 18h30	**Roby Krier** (Tel 513947) **Danielle Lorang** (Tel 511651) **Gaby Gasperini** (Tel 517085) **Joe Birchem** (Tel 521332)
Minimes, Cadet(te)s, Juniors a Seniors (13 ans et plus) Stade J.F. Kennedy oder Turnsall "Centrum" Centre Sportif Hartmann oder Gehaansbierg	Dënsdes, Donneschdes a Freides 19h- 20h30 Sonndes 10h	**Danielle Lorang** (Tel 511651) **Jett Schaeffer** (Tel 517621) **Jäng Paulus** (Tel 446157) Weider Träner: **Fernand Heintz** (Tel 326237), **Tun Logelin**, **Jean-Paul Kremer** an **Alain Hoffelt**

TiTELEN VUM SUMMER

Folgend Athleten konnten am Summer bei de Championnater a beim Challenge gudd ofschneiden:

BIRCHEM Sam, Gewënner Challenge Tageblatt Débutants

CECCATO Sandra, 1. Juniorin am Wäitsprong an 1. am Dräisprong
CHARLET Mandy, 1. Seniorin an der Bomm, 1. an den 100m Hürden, 2. am Speer an 2. am Diskus
CHELIUS Diane, 1. Seniorin am Triathlon LD
FLIES Anne, 1. Juniorin an 1. Seniorin am Heptathlon, 2. Seniorin am Dräisprong, 3. Seniorin am Héichsprong
FLIES Paule, 1. Juniorin am Hummerworf
KUFFER Liz, 1. Espoirs an 1. Seniorin am Héichsprong
KUMMER Liz, 2. Cadette am Dräisprong, 3. Seniorin am Dräisprong
LOGELIN Anne, 1. Seniorin an den 10 km op der Strooss, 2. Seniorin op den 3000m, 2. Seniorin am Hallefmarathon
PLEIMLING Isabeau, 1. Minime an der Bomm, am Diskus, am Hummerworf an am Heptahlon, 2. Seniorin an der Bomm
PLEIMLING Noémie, 1. Cadette am Diskus, am Speer, am Héichsprong an am Heptahlon, 2. Cadette am Wäitsprong, 3. Cadette op den 100m Hürden, 1. Seniorin am Speer, am Diskus an 3. Seniorin am Wäitsprong
RIES Darinka, 3. Cadette am Héichsprong
STRZYKALA Mara, 1. Juniorin op den 400m Hürden, 2. op den 100m Hürden, 3. op den 100m, 2, Seniorin op den 400m Hürden
WALLENBORN Julie, 1. Espoirs am Dräisprong, 2. am Speer an 3. am Diskus
WEILER Liz, 1. Juniorin op den 3000m, 1. op den 3000m Steeple, 2. op den 800m, an 1. Seniorin op den 3000m Steeple

AUER Nicolas, 1. Cadet op den 110m Hürden, 1. am Stabhéichsprong, 2. am Décathlon
BIRCHEM Kevin, 2. Minime am Speer
CHARLET Wesley, 1. Espoir am Décathlon, 1. op den 400m Hürden, 1. Senior am Décathlon, an 2. Senior op den 400m Hürden
DOMBRAT Alexandre, 2. Senior op den 110m Hürden, 3. Senior op den 400m Hürden
LAMAS Diego, 2. Junior op den 400m Hürden
LEHMEIER Eric, 2. Cadet am Dräisprong, 3, am Wäirsprong
MERTZ Thierry, 1. Junior am Diskus, 3. an der Bomm
NICOLA Gil, 2. Espoir op den 200m, 3. op den 100m an 3. op den 400m Hürden

OPRUFF !

De Komité vum CAD mescht zwee wichteg Opriff:

- Mäer sichen Athleten, déi motivéiert sinn, e neit Konzept fir en "**Annuaire**" ze maachen. Resultater vun der Saison 2010 si schons erfaasst, et get elo drëm fir dat ganzt um Computer anzepaacken an als Brochure ze veröffentlechen.
- Mäer sichen Elteren vun Athleten, déi wëllen als **Träner** eng Hand matt upacken kommen.

Bei Interessi mellt Äerch w.e.g. um Tel 511651 oder op comite@cadudelange.lu.

CAD KALENNER

Hei déi wichtegst Meetinger fir déi näechst puer Méint:

23.01	**Cross Le'h Laf, CAD**
29.01	Dussmann Indoor Meeting
05.02	Indoor-Championnater, Coque
12.02	Saar-Lor-Lux Cup, Saarbrécken
04.03	**Generalversammlung CAD an CADS**
06.03	Cross Championnater, Ettelbreck
13.03	Postlaf
27.03	**Tour de Dudelange**
30.04	**Challenge Tageblatt 1, CAD**
01.05	Championnater laang Distanzen an Hürden, Grevenmacher
05.05	LASEL Championnater
08.05	Interklub Championnater Jeunes, 1. Dag, Schëffleng
15.05	Interklub Championnater Jeunes, 2. Dag, Schëffleng
22.05	Jugend-Championnater, 1. Dag, CSL
29.05	**Werfermeeting, CAD**
30.05 - 04.06	JPEE Spiller vun de klengen Länner zu Liechtenstein
02.06	Coupe de l'Amitié, Koblenz
11.06	**Meeting ouvert international, CAD**
11.06	ING Europe Marathon

NEi REKORDER A NATiONAL BESCHTLEESCHTUNGEN

Och dëss Saison konnt d'Noémie Pleimling nees National Beschtleeschtungen opstellen. Seng super Leeschtung zu Moskau ass och gläichzäiteg Nationalen Rekord bei den Seniorinnen, säin éischten.

PLEIMLING Noémie, Speer 600g:	46.26m	Moskau, 22.05.2010
PLEIMLING Noémie, Diskus 1kg:	37.55m	Diddeleng, 28.08.2010